PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Regierung huet am Koalitiounsaccord ugekënnegt, fir de Statut vum lokal gewielte Politiker ze verbesseren. Gemengemandatairen hunn ee Recht op ee Congé politique, fir dass si den Aufgabe vun hirem Mandat nokomme kënnen. Dat ass wichteg, fir dass ee Mandataire, dee Salarié ass, net vun engem schlecht gewëlltene Patron kéint refuséiert kréien, fir politesch aktiv ze sinn.

Um Gemengenniveau sinn awer net nëmme gewielte Politiker:innen aktiv, mee och "normal" Bierger:innen. Verschiddener schaffen a konsultative Kommissiounen aktiv mat, fir hir Gemeng ze verbesseren. Grad dës Mënschen, déi an hirer Fräizäit an ouni Mandat wëlle politesch aktiv sinn, sollt de Staat et esou einfach wéi méiglech maachen, fir sech kënnen anzebréngen.

Dës Leit kréien awer fir hiren Asaz kee Congé politique, dee se kéinte vis-à-vis vun engem Patron geltend maachen. Se sinn, wa se Salarié sinn, op de gudde Wëlle vum Patron ugewisen, fir politesch Aarbecht kënnen aktiv ze ginn. An oft ass et esou, dass d'Kommissiounssitzungen an de Gemengen zäitgläich mat normalen Aarbechtszäiten (9h00-18h00) stattfannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Verbesserunge kënnen sech Lokalpolitiker ouni Mandat an dëser Legislatur erwaarden?
2. Wäert d'Regierung sech dofir asetzen, fir dëse Leit ee Congé politique z'erméiglechen? Falls nee, aus wéi enge Grënn net (doriwwer eraus, dass et net am Koalitiounsaccord steet)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten